

**MARKETING**
3 BETRIBER 1 ZIL

# FAL OP!

FALOP.LU

in English / en Français /
auf Deutsch




brainplug
Blocknote
CONTENT BOX

**Zesummen, fir datt dir opfaalt ...**
**Moien nei Méiglechkeeten!**

Dëst ass, wou Brainplug, Blocknote a Contentbox zesummekommen, fir iech, är Mark, är Firma, äre Produit op den nächsten Niveau ze bréngen.

**Brainplug** - de Partner fir Social Media Marketing! Mir bréngen iech an d'Gespréich op de soziale Medien. Eis Missioun? Clever Social Media Marketing Konzepter, déi de Client zum Zil bréngen.

**Blocknote** - Mir designen net nëmme Logoen, mir kreéieren Identitéiten, déi authentesch sinn. Eis Websäite sinn net nëmme schéin unzekucken, mee och funktionell.

**Contentbox** - D'Erzieler a Bild an Toun! Mir erfaassen d'Momenter an transforméiere se a beandrockend Fotoen a Videoen, déi äre Message zum Liewe bréngen.

Dës Broschür besteet net nëmmen aus Pabeier an Tënt, an et geet och net nëmmen ëm Servicer - et geet drëm, eng eenzegaarteg Erfarung ze kreéieren. Eng Erfarung, déi iech aus der Mass erausstiechen an an de Käpp vun de Leit bleiwe léisst.

Sidd dir prett?



# BRAINPLUG

MARKETING AGENCE

Mir bidde kreativ Léisunge fir är Kommunikatiouns-besoinen. Ob online oder offline, mir starten ëmmer mat der Strategie an erstelle mat iech zesummen eng passend Kommunikatiounscampagne, déi är Ziler soll erfëllen, a virun allem och Spaass maache soll.

# BRAINPLUG
MARKETING AGENCE

Eist Team besteet aus kreativen a polyvalente Käpp, déi sech fir iech asetzen. Marketing ass net just eng Vitrinn, eis Aarbecht fänkt scho beim Kär-Business vun ärer Firma un - also pake mir de Problem bei der Wuerzel, a fannen zesumme Léisunge fir d'Opmierksamkeet vun ärer Zilgrupp ze gewannen.

Fir d'éischt kennt Strategie, dann den héichwäertege Contenu fir datt är Werbe-campagne erausstécht. Mir bei Brainplug ginn all Projet mat enger perséinlecher an empathescher Approche un, fir eng angeneem Zesummenaarbecht ze hunn an är Ziler z'erreechen.

MARKETING

KOMMUNIKATIOUN

GRAFIK

SOCIAL MEDIA






Impact Luxembourg, La Maroquinerie Du Passage
Administration communale de Bettendorf, Garage Deltgen




# NORDSTAD

Fir de Syndicat intercommunal NORDSTAD schafe mir säit e puer Joer de Contenu fir hir sozial Medien. Sief et op Facebook, Instagram oder Tiktok, d'BiergerInne vun der Nordstad ginn ëmmer iwwert den digitale Wee iwwer nei Projeten, Aktiounen a Publikatiounen informéiert.

Aarbechten: Konzept, Design, Foto, Video, Texter.






FIT4 DIGITAL PACKAGES

Offizielle Fournisseur vum F4DP Programm. Eng Digitaliséierungshëllef vu 5.000€ fir kleng a mëttelgrouss Betriber vum Wirtschaftsministère.









# SNJ „MÉI ERLIEWEN"

Op der Sich no neien „Animateurs spécialisés", ass de Service national de la Jeunesse un eis erugetrueden, fir hire Rekrutement ze stäerken. Mir hu relevante Contenu mat Fotoen, Videoen a graphesche Bäiträg erstallt, wat zu enger beträchtlecher Zuel vun neien Umeldunge beim SNJ gefouert huet.

Nordstad, Service national de la jeunesse

# BLOCKNOTE MEDIA

MEDIEN AGENCE

Vun Ufank un oder matzendran, een eegene Logo, eng nei Charte Graphique oder e konkrete Projet am Grafik-, Web-, Print- oder Event-Beräich? Duerch eis villsäiteg Erfarung a verschiddene Beräicher, kënne mir iech mat Sécherheet beschtméiglech beroden an är Iddien empathesch an effikass ëmsetzen.

# BLOCKNOTE MEDIA

MEDIEN AGENCE

Aus ärer Iddi gouf ee Projet! Felicitatioun!

Lo ass et wichteg, deem Ganzen ee perséinlecht Gesiicht ze ginn. Een Image, deen aus der Mass erausstécht an ëmmer nees erkannt wäert ginn. Am Web, Print a bei ären Eventer, konzentréiert dir iech op äert Zil, äere Public, a mir suergen am Hannergrond derfir, datt dir bei ärer Clientèle a wonnerbarer Erënnerung bleift.

Komplett Léisungen oder just op een definéierte Beräich fokusséiert, eis Flexibilitéit ass keen eidelt Verspriechen. Mir passen eis un iech un. Versprach!

Blocknote

WWW.BLOCKNOTE.LU

GRAFIK

DIGITAL


PRINT

MORE





Wengler Châteaux & Domaines




# PRINT


Heiansdo léisst een de Computer och bewosst mol op der Säit. Do kënnt de Print-Beräich an d'Spill. Eng schéi Broschür oder eng uspriechend Affiche sinn nach ëmmer bedeitend fir dem Client an d'A ze stiechen an am Verhalt ze bleiwen. Loosst iech vun eis beandrocken, well näischt inspiréiert eis méi wéi ee wäisst Blat.

Och beim Print vu Banner, Fändelen, Lettragen an Textilie kënne mir iech sécherlech weiderhëllefen.



FIT4 DIGITAL PACKAGES

Offizielle Fournisseur vum F4DP Programm. Eng Digitaliséierungshëllef vu 5.000€ fir kleng a mëttelgrouss Betriber vum Wirtschaftsministère.





# DIGITAL

Déi aflossräichst Plattform mëttlerweil ass den Internet, keng Fro! Dir braucht Ënnerstëtzung fir eng éischtklasseg Presenz am Web?

Benotzerfrëndlechkeet, modernen Design, Contenu a Sichmaschinn-Optimiséierung loossen är Internetsäit oder E-Commerce aus der Mass erausstiechen. Dee wichtegste Schlëssel zum Erfolleg! Bei Blocknote Media bass du am World Wide Web a gudden Hänn. Garantéiert!




Fondation Kräizbierg, Nordstad, Veiner Weissert, Fédération Générale des Instituteurs Luxembourgeois

# CONTENTBOX

FOTO - A VIDEOPRODUKTIOUN

Contentbox ass eng Foto - a Videoproduktiounsfirma fir PMEen. Contentbox bidd eng breet Pallett u Servicer un, fir Firmen ze hëllefen, hir Visioun mat héichwäertege Biller ze verwierklechen. Hiert Zil ass et, aussergewéinlech Resultater an een onvergläichbare Service um Client ze bidden, fir de Message vun der Firma effikass ze vermëttelen.

# CONTENTBOX
FOTO - A VIDEOPRODUKTIOUN

Eis Story? Ganz einfach! Den Thierry, mat vill Erfarung als Fotograf/Videaste a Responsabelen am Marketingberäich, an de Yannick als leidenschaftlechen Drohnenpilot a Kameramann hu sech geduecht: „Firwat eis net zesummendoen an duerchstarten?" Mir si spezialiséiert op Videoproduktioune fir kleng a mëttelstänneg Betriber.

Ob cool, dynamesch Werbevideoen, Eventfilmer oder professionell Fotoen, mir produzéiere Contenu mat deem dir opfaalt.

CONTENT BOX

WWW.CONTENTBOX.LU

VIDEOPRODUKTIOUN

FOTOPRODUKTIOUN

Vum Ufank bis zum Schluss … vun der Planung bis zum fäerdegen Inhalt … mir begleeden iech beim komplette Projet a suerge mat eiser lockerer awer zilorientéierter Aart a Weis dofir, datt kee Wonsch méi opbleift.



Naturmusée






EHTL




# FOTO - A VIDEO - PRODUKTIOUN

Mir gi mat der Zäit a passen eis den neien Technologien un. An net ze vergiessen: A Kooperatioun mat eise Partner kënne mir äre Projet belibeg ausbauen an upassen. An dat alles ënnert engem Daach!

Mir géifen eis freeën, äre kreative Projet ëmzesetzen!






Nordstad, Naturmusée, Garage Kieffer

Vun der Marketingcampagne, bis bei de Logo, iwwert d'Internetsäit, bis hin zur Produktioun vum Contenu fir de Web, Print an d'Sozial Medien. Mat der ALL-IN-ONE Solutioun faalt dir garantéiert op. An dat ass net just Theorie.


BRAINPLUG
BLOCKNOTE MEDIA
CONTENTBOX

THE ALL-IN-ONE SOLUTION












brainplug ✕ Blocknote ✕ CONTENT BOX


# THE ALL-IN-ONE SOLUTION

Wat bedeit eis Aarbecht an der Praxis?

Ee perfekt Beispill, wéi mir Hand an Hand funktionéieren, liwwert de Syndicat Intercommunal Nordstad. Fir dëse rezente Projet war dem Client seng Virgab, déi néideg digital Kanäl vum "Startlokal" ze bestëmmen a vu Grond op opzebauen. Zukünfteg Visiteuren am neie Coworking sollen online cibléiert ginn an eng funktionell Buchungsplattform virfannen.

Séier war vun eis ee gemeinschaftlecht Konzept zesummegestallt ginn. Blocknote huet sech ëm den Design an d'Programmatioun vun engem moderne Site gekëmmert. Mat enger Plattform eleng ass et awer seele gedoen. Contentbox huet uspriechend Fotoen a Videomaterial geliwwert a Brainplug huet eng Social Media Strategie ausgeschafft, déi de Site an de Contenu op den digitale Plattformen ervirhiewe soll.












brainplug × Blocknote × CONTENT BOX



„Mir soen hinnen een décke Merci. Mat Hëllef vu flottem Contenu, dem Site an der Presenz an den digitale Medie bidde mir eise Visiteuren op alle Plattformen eng Ulafstell zum Startlokal."

Pierre a Jean-Marc, Nordstad





info@falop.lu

Z.A. Fridhaff
20, rue Fridhaff
L-9148 Ierpeldeng

**Merci fir äert Vertrauen**

brainplug


info@brainplug.lu
T.: +352 621 498 960
www.brainplug.lu

Blocknote

hello@blocknote.lu
T.: +352 26 71 43 84
www.blocknote.lu
Z.A. Fridhaff & Waasserbëlleg

CONTENT BOX

info@contentbox.lu
T.: +352 661 444 555
www.contentbox.lu



# OFT GESTALTE FROEN

## KËNNT DIR OCH TEXTER SCHREIWEN, ODER MUSSE MIR EIS DORËMS KËMMEREN?

Mir schaffe mat Copywriter zesummen, déi ob verschidde Sproochen a Beräicher spezialiséiert sinn. Mir kënnen Iech dat also gär mat ubidden.

## WÉI FUNKTIONÉIERT DAT MAM FIT4DIGITAL?

Dir fannt all d'Informatioune vum Fit4Digital op www.luxinnovation.lu ënner "Innover au Luxembourg". Am einfachsten ass et awer eis ze schreiwen oder unzeruffen. Mir kënnen Är Situatioun zesumme beschwätzen an erklären Iech wat méiglech ass.

## BEI WIEM SOLL ECH MECH MELLE WANN ECH ENG ALLGEMENG FRO HUNN?

Fir déi allgemeng Froe kënnt Dir Iech gären un info@falop.lu mellen, oder Dir rufft bei engem vun eis un a mir leeden Iech dann un déi passend Persoun weider.

## HUET D'GRETA OP DER GRUPPEFOTO GEFEELT?

Dat hutt Dir gutt erkannt, d'Greta war deen Dag leider am Congé.

## KRÉIEN ECH GEKACHT WANN ECH VIRU MËTTEG OP EE RENDEZVOUS KOMMEN?

Mir géifen eis freeë wann Dir Mëttes bei eis géift iessen, sot eis just virdru Bescheed. Déi aner Zäite kritt dir och gär eng Taass Kaffi.

## WOU FANNEN ECH IECH, A GINN ET DO PARKMÉIGLECHKEETEN?

Dir fannt eis zu Ierpeldeng-Sauer um Fridhaff am Gebai vum Startlokal. Hei sinn och Parkplaze virun der Dier. Blocknote Media huet och nach een zweete Büro zu Waasserbëlleg.

## WAT FIR ENG SPROOCHE KËNNT DIR SCHWÄTZEN?

Mir schwätze Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch. D'Tiffanie kann esouguer Spuenesch a de Jérôme ass amgaang et ze léieren.

## WAT FIR ENG INFOE BRAUCH DIR VUN EIS?

Dat hänkt ganz vum Projet of. Mellt Iech gär bei eis a mir schwätzen iwwert är Ziler a wéi mir se am Beschten erreeche kennen.

## KASCHT ET EPPES EN DEVIS ZE KRÉIEN?

Nee, en Devis ze kréien ass bei eis gratis.

in English / en Français /
auf Deutsch

FALOP.LU